

Schëtter

Gemengerotssëtzung vum 13. Dezember 2017

Stellungnahm vum Serge Eicher (DP) zu der Schäfferotserklärung 2017-2023

Ech hun e puer Sujeten aus der Schäfferootserklärung erausgegraff déi ech wéilt kommentéieren:

Kommunikatioun mam Bierger :

Mir begréissen et dass den Schäfferot sech engagéiert fir weider d'Bierger adequat ze informéieren, an heibäi och op elektronesch Medien setzt.

Heizou awer e puer Commentairen:

Doublon'en sollten een awer sou weit wéi méiglech evitéieren. Duerch eng Gemengen-APP, respektiv déi sozial Medien kéint een zum Beispill déi aktuell Funktiounen vum SMS2Citizien duerch Push-Notifikatiounen ersetzen.

Den Virtuellen Raider, an den Internetsite am Generellen, misst vill méi regelméisseg à jour gehalen ginn. Ënnert dem aktuellen Virtuellen Raider fënnt een Avis'en an Publikatiounen déi schonn Wochen an Méint eriwwer sinn an déi guer keen méi interesséieren. En Revanche feelen elementar Informatiounen iwwert eis Gemeng, sou zum Beispill Gemengereglementer, als Beispill géif ech den Règlement communal iwwert d'Prime d'encouragement nennen.

Als DP sinn mir och der Meenung dass den Budget um Internetsite publizéiert misst ginn, an och aner Dokumenter déi am Gemengerot diskutéiert ginn, fir dass sech eis Bierger adequat kennen informéieren.

Wei an eisem Wahlprogramm proposéiert, géifen mir och mengen dass d'elektronesch Veraarbechtung vun den administrativen Demanden, mat engem Trackingsystem, misst agefouert ginn, souwéi och d'Verschécken vun den Rechnungen vun der Gemeng per E-mail fir déi Léit déi dat wëllen.

Des Weideren sinn mir och der Meenung dass een sollt envisagéieren fir en Livestream an eng Opzeechnung vun den Gemengerotssëtzungen anzeféieren fir et esou den Bierger ze erméiglechen méi einfach dat politescht Liewen an eiser Gemeng ze suivéieren.

Finanzen:

An der ganzer Schäfferotserklärung gëtt et keen Punkt deen sech mat den Gemegefinanze beschäftegt.

Hei hätte mir eis erwaart dass den Schäfferot sech kloer zu enger nohalteger Verwaltung vun eisen Reserven an Recetten géif engagéieren.

Als DP fannen mir och dass een Engagement fir den Impôt commercial communal beim aktuellen niddregsten Taux ze loossen, en staarkt Signal wär fir eis Aktivitéitszone weiderhin konkurrenzfäeg ze loossen fir d'Betriber.

Zu der Aktivitéitszone géifen mir och umierken, dass et mat Sécherheet interessant ass fir prioritär innovativ Firmen unzezéien, mee datt et eist Ziel awer ganz kloer muss sinn fir d'Aktivitéitszone auszelaaschten an den Leerstand ze reduzéieren. Den Haaptcritère fir eventuell nei Betriber unzezéien sollt ëmmer deen sinn fir sou mann wéi méiglech Nodeeler fir äis Bierger ze schaafe.

Schoul a Kannerbetreuung:

Mir hunn aktuell schon zum Deel immens grouss Klassen mat bis zu 20 Kanner an relativ klengen Schoulsäll ouni adequat akustesche Mesuren wat et den Kanner schwéier mécht fir konzentréiert ze schaffe. Dofir sinn mir der Meenung dass een éischer kuerzfristeg, wei méttelfristeg missten ufänken fir den Bedarf u Schoulinfrastrukturen ze ermëttelen. Des Weideren sinn mir der Meenung dass d'Renovatioun an d'Modernisatioun vun den Schoulsäll muss ugaangen ginn fir den Kader ze setzen fir d'Méiglechkeeten vun neien pädagogeschen Konzepter an der Digitaliséierung ze notzen. Mir sinn och der Meenung dass eis Gemeng sech sollt engagéieren fir bei Pilotprojeten vum Educatiounsministère am Kader vun der Digitaliséierung deel ze huelen.

Jugend a Veräiner:

Mir sinn der Meenung dass een är een den Jugendkommunalplang iwwerschafft eng Bestandsopnam mécht fir ze kucken, wat schonn besteet oder ëmgesat ginn ass an wat nach ze maachen bléift, respektiv net realiséierbar ass. Hei mengen mir och dass et néideg ass des Analys der Jugend ze kommunizéieren fir hinnen en Feedback ze ginn.

Mir stinn kloer fir d'Abannung vun der Jugend an Decisiounen an eiser Gemeng. Mir sinn awer skeptesch op d'Realisatioun vun engem Jugendgemengerot fir eng Gemeng vun eiser Gréisst deen richtegen Wee ass. Mir hunn immens

gutt opgestallten Associatiounen am Jugendberäich, wei den Club des Jeunes an d'Jugendhaus, mee awer och an eisen Veräiner an et soll een dofir op den Wee goen fir sécherzestellen dass des eng Plattform oder en Usprichpartner an der Gemeng hunn fir hir Besoinen matzedeelen.

En weideren Akzent wou mir géifen setzen ass fir Projeten am Kader vun der politescher Bildung, sief dat am Kader vun der Schoul, der Maison Relais oder aner Organisatiounen ze ënnerstëtzen fir esou d'Jugend fir nach méi Engagement an eiser Gemeng ze motivéieren.

Een Punkt deen och ganz an der Schäfferotserklärung feelt, ass deen vum Benevolat. Mir sinn der Meenung, dass all déi bénévol Aarbecht déi vun eisen Bierger geleescht gëtt, sief dat an eisen Veräiner oder an karitativen Associatiounen, sollt vun der Gemeng honoréiert ginn, zum Beispill am Kader vun enger Journée du Benevolat wou een des Léit kéint invitéieren fir hinnen Merci ze soen fir déi Aarbecht déi si am Déngscht vun der Allgemengheet leeschten.

Merci